LETZEBUERGER MASSENDENGER

Centre Convict 5, Avenue Marie-Thérèse L-2132 Luxembourg
Tel.: (352) 44 743 243 Fax.: (352) 44 743 248
www.massendenger.cathol.lu
e-mail: massendenger@hotmail.com

Lëtzebuerg, 30.12.2011

Léif Massendénger-Responsabel

Um Enn vun dësem Joer melle mir äis nach emol, fir iech fir d'Joer 2012 vill Freed an Ausdauer ze wënschen an ärer Aarbecht mat a fir d'Massendénger. Dobäi eng gutt Gesondheet an Zefriddenheet an alle Liewensberäicher.
Well eis Aarbecht weider geet,kritt dir heimat **2 Invitatiounen** geschéckt fir iech selwer resp fir är Massendénger.

* En Dënschdeg, de **7. Februar 2012** ass eisen traditionellen **Owend fir Massendénger-responsabel**. Deen Owend begréisse mer eisen Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich an huelen äis Zäit, fir mat him iwwert d'Schaffen an d'Suergen vun der Massendéngeraarbecht an de Paren auszetauschen. Am 2. Deel vum Owend beschäftege mer äis mat "Wallfahrten an der moderner Zäit", woubäi besonnesch d'Helleg-Rack-Wallfahrt an d'Flüeli-Wallfahrt zur Sprooch wäerte kommen.
Dëst Massendéngerresponsabelstreffen - dat all Joer an enger aner Pastoralregioun ass - ass zu **Réimech** am Veräinshaus, no bei der Kierch (Montée St. Urbain), vun 20 - 22 Auer.

Mir freeën äis drop, wann dir zu vill kommt, fir an eiser éischter Begéignung mam Äerzbëschof mateneen auszetauschen an och Neies gewuer ze ginn.

Fir déi praktesch Organisatioun ass et noutwendeg, datt dir iech **umellt.** Dir kënnt dat maachen iwwer Telefon (4 47 43 243), Fax (4 47 43 248) , e-mail (massendenger@hotmail.com) oder mat der Post (5, avenue Marie-Thérèse L-2132 Luxembourg).
Maacht dat w.e.gl**. bis spéitstens en Donneschdeg, den 2. Februar 2012** Merci!

* Vum 23. - 27.7.2012 ass d'"Flüeli-Wallfahrt" an der Schwäiz fir 40 Massendénger, déi an dësem Schouljoer am 6. Schouljoer sinn (Cycle 4.2) an natiirlech all déi aus dem Postprimär.

Dir fannt den Umeldungsformulär an d'Detailler vun dëser Wallfahrt hei an der Envelopp.
Dir kënnt iech selwer déi Kopië maachen, déi dir braucht. Deelt äre Massendénger se esou séier wéi méiglech aus, well déi éischt si vir!!

Well et nach ëmmer Poren/Porverbänn gëtt, déi äis net (regelméisseg) iwwert hir Responsabel informéieren, kënnt dës Invitatioun net an all Por. Schwätzt dofir mat deene Responsabel, déi dir kennt an informéiert se iwwert dësen Owend.
Dofir nach emol de Rappel: schéckt äis w.e.gl är Donneeën eran iwwert är Massendénger an d'Adresse vun den aktuelle Responsabel! Merci!

Léiw Gréiss

d'Equipe Lëtzebuerger Massendénger

----------hei ofschneiden----------an aschécken----------

UMELDUNG fir de Formatiounsowend 7.2. 2012

Ech (Virnumm an Numm) _____

Adress: _____

Tel: _____ Massendénger-Responsabel an der Por _____

melle mech u fir de Formatiounsowend zu Réimech, de 7.02.2012 JO ☐ Nee ☐

Datum: _____ **Ennerschrëft _____**